# 58ten WM  Boot fëschen Novigrad Kroatien vum 30.09 bis 7.10.2023

*02.10.2023 Bericht vum Giovanni Micucci*

Haut haten mir eisen offiziellen Trainingsdag den an der Trainingszone gefëscht ginn ass. Et war ze erwaarden dat net vill Fësch gefaangen ginn, well déi Zone net wäit vum Hafen ass, a mir Erfarung gemaacht hunn, dat Fësch méi wäit eran am Mier sinn. 62 ganzer Fësch haten mir no dem Fëschen op der Lee, wat net vill war. Mir hunn eis awer net demotivéieren gelooss an hunn den Trainingsdag mat engem Besuch op der Terrasse ofgeschloss. Dat muss och Mol sinn.

Mir hunn bis an den spéiden Owend eran um Material geschafft.  Mir sinn gutt virbereet fir den éischten Compétitiounsdag.

Eis Begleetpersoun Tessy huet vum Dag profitéiert an huet eng Bootsfahrt matgemaacht. Biller schwätzen fir sech.

Merci an bis Muer, an der Hoffnung Iech e  gutt Resultat matzedeelen.

